# D' Ëmfro vum Europarot an ALTE vun 2018 iwwert d'Politik vun de Sproochen an d'Wëssen iwwert d'Gesellschaft fir Migranten



ÉDUCATION À LA DÉMOCRATIE

ALTE
Association of Language Testers in Europe

1949.2019

COUNCIL OF EUROPE
CONSEIL DE L'EUROPE



## Haapttendenzen

An deene leschten 10 Joer hu Memberstaate vum Europarot formell Ufuerderungen ageféiert, als Deel vun hirer Migratiouns-an Integratiounspolitik.

Déi meescht Memberstaate stellen Ufuerderungen iwwert Sproochen- a Gesellschaftswëssen, wann d'Migranten d'Nationalitéit ufroe wëllen. An der Halschent vun de Memberstaate mussen d'Migraten dës Ufuerderungen erfëllen, fir e permanente Wunnsëtz unzefroen – an engem Drëttel och virun der Arees.

Et gi substantiell an opfälleg Ënnerscheeder an de Memberstaaten, wat den Niveau vun de verlaangte Sproochkenntnesser ugeet.


Schwaach a schutzbedürfteg Gruppen (Mannerjähreger, Flüchtlingen, wéineg gebilt Apprenanten) kréie seelen eng Dispens fir d'Tester.

Vill Memberstaate gebrauchen Tester, déi duerch keng adäquat Qualitéitskontroll gaang sinn. Den Impakt vun dësen Tester op d'Migrante gëtt ganz seelen ënnersicht.


Bal all d'Memberstaate bidde Sproochecoursë fir Migranten un, mä d'Stonnenzuel geet dacks net duer, virun allem fir déi schwaach Gruppen.

## Ufuerderungen an Tester

Vun de Memberstaaten, déi 2018 ënnersicht goufen, haten 78 Prozent Ufuerderungen iwwert Sproochen an/oder Gesellschaftswëssen. 17 Prozent hate keng esou Ufuerderungen als Deel vun hirer Migratiounspolitik gestallt:




Tëschent 2007 an 2018 hu méi Länner ugefaang, Sproochentester (donkelblo) an Tester iwwert d'Gesellschaftswëssen (hellblo) anzeféieren, virun allem am Kader vun der Naturalisatioun.




Sproochlech Ufuerderunge gi bal ëmmer a GERS-Niveauen ausgedréckt ,mä ënnert de Memberstaate gëtt et wéineg Iwwereneestëmmung an den Niveauen, déi fir dee selwechten Zweck verlaangt ginn.

# Bildungsméiglechkeeten

Sproochecoursë fir Migrante ginn dacks vum Staat ugebueden, deen och d'Qualitéit kontrolléiert. An deene meeschte Fäll ginn et awer nëmme bis zu 250 Stonne gratis Sproochecoursen:

**Stonne gratis Sproochecoursen**

| | All Apprenanten (n = 24) | Wéineg gebild Apprenanten (n = 22) |
|---|---|---|
| 0 – 250 | 11 | 13 |
| 250 – 500 | 8 | 4 |
| 500 – 1000 | 4 | 2 |
| 1000 – 1500 | 1 | 2 |
| 2000 – 3000 | 0 | 1 |

Vill Memberstaate bidde Coursen iwwert d'Gesellschaftswëssen un. Meeschtens si se awer nëmmen an enger offizieller Sprooch vum Gaaschtland.

Wéineg Memberstaate passen an hirer Integratiounspolitik genuch op schwaach a schutzbedürfteg Gruppen op: Fir Mannerjähreger ginn et wéineg Méiglechkeeten ausserhalb vum obligatoresche Schoulsystem, fir eng Sprooch ze léieren an op déi spezifesch Besoinë vu Flüchtlingen a wéineg gebilten Apprenantë gi bal ni berücksichtegt.

## Recommandatiounen

- Bildungsméiglechkeete sollte fir jiddereen zougänglech a bezuelbar sinn, well Coursen éischter zu Integratioun bäidroe wéi Tester.
- Wann Tester fir Migratiounszwecker gebraucht ginn, sollte se deenen héchste Standarden vu Qualitéit a Fairness entspriechen.
- An der Konzeptioun vun der Migratiouns-an Integrationspoiltik, sollt ee sech speziell mat schutzbedürfteg Gruppe befaassen.
- Fir Familljen zesummen ze féieren, gëtt am Sënn vun de Mënscherechter, vum Gebrauch vun pre-entrance Ufuerderunge staark ofgeroden.

**Bei der Ëmfro vun 2018 hu 40 vun de 47 Memberstaate vum Europarot matgemaach:**



D’Ëmfro vum Europarot an ALTE gouf duerch-gefouert vun:

- Lorenzo Rocca
  (Università per Stranieri di Perugia)
- Cecilie Hamnes Carlsen
  (Western Norway University of Applied Sciences)
- Bart Deygers
  (Ghent University)

Iwwersetzung:
Ines Quaring
(Institute National des Langues)

Fir dee ganze Rapport erofzelueden:
**www.coe.int/lang-migrants**
© Council of Europe, 2019

PREMS 035820

LTZ

www.coe.int

Den Europarot ass d'Haaptorganisatioun vum Kontinent fir d'Mënscherechter. En besteet aus 47 Memberstaaten, all de Memberstaate vun der Europäescher Unioun. All d'Memberstaate vum Europarot hunn d'Europäesch Mënscherechtskonventioun ënnerschriwwen, en Traité fir de Schutz vun de Mënscherechter, der Demokratie an de Prinzipie vum Rechtsstaaat. Den Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter iwwerwaacht d'Ëmsetze vun der Konventioun an de Memberstaaten.

COUNCIL OF EUROPE

CONSEIL DE L'EUROPE